N°3103
Luxembourg, le 24.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.10.2025
Chambre des Députés

**Här Claude Wiseler**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 24. Oktober 2025

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportsminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weider ze leeden.

Zanter e puer Joer huet eist Land e strukturelle Manktem u sportlechen Infrastrukturen, besonnesch d'Zougänglechkeet vu Sportssäll fir Veräiner a lokal Associatiounen ass net optimal. Vill Gemengen stinn virun engem Mangel u Trainings- a Competitiounszäiten, well et u Säll fir Veräiner feelt. Gläichzäiteg verfügen eng Rei Lycéeën a Schoulen iwwer modern Infrastrukturen, déi ausserhalb vun de Schoulzäiten – owes, de Weekend oder wärend de Schoulvakanzen – ongenotzt bleiwen.

Och wann et verschidde Gemengen ginn, déi an Zesummenaarbecht mat de Schouldirektioune Léisunge fir eng gemeinsam Notzung konnten ëmsetzen, sti vill aner Gemengen nach ëmmer virun engem ganz limitéierten oder inexistenen Zougang.

Dat ass besonnesch bedauerlech, well eng besser Ouverture vun dëse Sportssäll net nëmme de lokale Sportsveräiner kéint zougutt kommen, mee och zu engem méi effiziente Gebrauch vu ëffentleche Gelder géif bäidroen an de soziale Zesummenhalt duerch de Sport géif stäerken.

Bei enger Reunioun vun der Sportskommissioun am Januar 2025 huet den Här Sportsminister erkläert, datt hien zesumme mam Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend konstruktiv Gespréicher gefouert huet, fir de lokale Veräiner d'Benotzung vu Schoulinfrastrukturen no de Coursen, wärend dem Weekend souwéi de Schoulvakanzen ze erméiglechen. De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend sollt zu dësem Zweck en Inventaire vun de sportlechen Infrastrukturen an hirem Notzungsgrad opstellen.

An deem Kontext wollt ech follgend Froen un den Här Sportsminister an un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend stellen:

1) Konnt den Inventaire, deen am Kader vun der parlamentarescher Sportskommissioun am Januar 2025 ugeschwat gouf, mëttlerweil erstallt ginn?

2) Wéi vill sportlech Infrastrukturen, déi ënnert d'Zoustännegkeet vu Schouletablissementer falen, sinn aktuell ausserhalb vun de Schoulzäiten fir Veräiner a lokal Associatiounen zougänglech? Gëtt et eng national Strategie oder Richtlinnen, déi d'gemeinsam Notzung vu Sportsinfrastrukturen tëscht Schoulen a Sportveräiner fërderen?

3) No wéi enge Critèren oder Konditioune gëtt aktuell – um Niveau vun de Lycéesdirektiounen oder vun de Ministèren – decidéiert, ob dës Infrastrukturen fir Associatioune sollen opgemaach ginn oder net? Wéi ginn d'Schouldirektiounen an déi technesch Servicer, déi betraff sinn, an dës Problematik agebonnen, a wéi eng Moossnamen ginn ugeduecht, fir déi administrativ Gestioun am Zesummenhang mat der Ouverture vun de Säll ze vereinfachen?

4) Ass et virgesinn, datt d'Regierung ee Reglement ausschafft oder zumindest eng kloer Recommandatioun gëtt, fir dës Infrastrukturen systematesch fir déi lokal Veräiner zougänglech ze maachen?

5) Plangt d'Regierung en nationalt Instrument anzeféieren – z. B. eng Plattform oder e standardiséierte Modell vun Accord – fir d'Koordinatioun tëscht Gemengen, Schouletablissementer a Sportveräiner am Sënn vun enger gemeinsamer Notzung vun den Infrastrukturen ze vereinfachen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Charles WEILER
Députéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vum Sportsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3103 vum honorabelen Deputéierte Charles Weiler**

1. **Konnt den Inventaire, deen am Kader vun der parlamentarescher Sportskommissioun am Januar 2025 ugeschwat gouf, mëttlerweil erstallt ginn?**

   All sportlech Infrastrukturen, déi ënnert d'Zoustännegkeet vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend falen (Sportshalen a Schwämmen), sinn iwwert déi ganz Woch, tëscht 8:00 an 21:00 Auer, zu 83 % ausgelaascht. Am Norden zu 84 %, am Süden zu 82 %, am Zentrum zu 77 % an am Osten zu 99 %.

2. **Wéi vill sportlech Infrastrukturen, déi ënnert d'Zoustännegkeet vu Schouletablissementer falen, sinn aktuell ausserhalb vun de Schoulzäiten fir Veräiner a lokal Associatiounen zougänglech? Gëtt et eng national Strategie oder Richtlinnen, déi d'gemeinsam Notzung vu Sportsinfrastrukturen tëscht Schoulen a Sportveräiner férderen?**

   Aktuell ginn et nëmmen zwou sportlech Infrastrukturen, déi ënnert d'Zoustännegkeet vu Schouletablissementer falen, déi no de Schoulstonnen net vun engem Veräin oder enger lokaler Associatioun genotzt ginn, well keng Demande fir dës Infrastrukturen do ass. Um Weekend ass et eng eenzeg Infrastruktur, déi net duerch e Veräin benotzt gëtt, well och hei keng Demande besteet.

   D'gemeinsam Notzung vu Sportsinfrastrukturen tëscht Schoulen a Sportsveräiner gëtt aktuell haaptsächlech iwwert lokal Ofkommessen tëscht de Schoulen, de Gemengen an de concernéierte Veräiner gereegelt.

3. **No wéi enge Critèren oder Konditioune gëtt aktuell – um Niveau vun de Lycéesdirektiounen oder vun de Ministèren – decidéiert, ob dës Infrastrukturen fir Associatioune sollen opgemaach ginn oder net? Wéi ginn d'Schouldirektiounen an déi technesch Servicer, déi betraff sinn, an dës Problematik agebonnen, a wéi eng Moossnamen ginn ugeduecht, fir déi administrativ Gestioun am Zesummenhang mat der Ouverture vun de Säll ze vereinfachen?**
4. **Ass et virgesinn, datt d'Regierung ee Reglement ausschafft oder zumindest eng kloer Recommandatioun gëtt, fir dës Infrastrukturen systematesch fir déi lokal Veräiner zougänglech ze maachen?**

   D'Schouldirektioune sinn ugewisen, eng optimal Auslaaschtung vun de staatlechen Infrastrukture sécherzestellen; wéi aus den Äntwerten op d'Froen 1 an 2 ervirgeet, ass dëst de Fall. Weider reglementaresch Moossname sinn deemno net néideg.

5. **Plangt d'Regierung en nationalt Instrument anzeféieren – z. B. eng Plattform oder e standardiséierte Modell vun Accord – fir d'Koordinatioun tëscht Gemengen, Schouletablissementer a Sportveräiner am Sënn vun enger gemeinsamer Notzung vun den Infrastrukturen ze vereinfachen?**

   Virum Hannergrond dovun, datt d'Sportinfrastrukture vun de Lycéeën am Moment tëscht 80 % an 99 % ausgelaascht sinn, gesäit d'Regierung aktuell keng Noutwendegkeet, fir eng opwendeg national

Prozedur ze erstellen. D'Regierung vertraut och weiderhin op eng lokal a regional Koordinatioun tëscht der Schoul, de Gemengen an de Veräiner.

Lëtzebuerg, de 27. November 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH